

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Februar 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

Sou wéi et am Artikel "*Le tarif à la journée va tripler dans un parking au Kirchberg*" deen de 27. Januar am Essentiel publizéiert gouf, heescht, sollen d'Maximalpräisser fir den Auto Dags iwwer (d.h. méi wéi véier Stonnen) am Parkhaus vun der Gare um Kierchbiereg ofstellen, sech vum 1. Februar un, vu 5 op 15 Euro verdräifachen. Vun dëser Moosnam sinn och vill Leit betraff, déi bis lo mam Auto aus dem Norden an dem Osten op de Kierchbiereg a vun do aus mam Tram op hir Aarbechtsplaz gefuer sinn.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

- 1) Den uewe genannte Parking gëtt vun engem Etablissement Public geréiert. Iwwert wéi eng Méiglechkeete verfuegt den Här Minister, fir hei op d'Präispolitik anzewierken, respektiv wéi gouf den Aspekt vun enger sozialer Präispolitik an de Kontrakter mat der Regierung berücksichtegt?
- 2) Gesäit den Här Minister net de Risiko, datt vill betraffe Leit den Trajet op e bësse mäi wäite P&R wou se net musse bezuelen a Kaf wäerten huelen an deementspreechend méi CO2-Emissiounen ausstoussen, während den Tram parallel un Attraktivitéit verléiert? Falls jo, wéi begrënnt den Här Minister dës Decisioun am Hibleck op eng sougenannt "klimafrëndlech" Politik? Falls net, firwat net?
- 3) Gesäit den Här Minister an dëser Moosnam eng iwwerproportional Zousazbelaaschtung vu Leit aus ländleche Géigenden, déi scho vun der CO2-Steier besonnesch staark betraff sinn? Falls net, firwat net?
- 4) Hei handelt et sech em eng de facto "Penaliséierung vu Leit déi mam Auto fueren", sou wéi den Här Minister se an engem Interview, deen de 26. Januar am Paperjam publizéiert gouf, ugeschwat huet. Kann den Här Minister elaboréieren, ob et sech hei an deem Sënn bewosst em en éischte Fall vu Penaliséierung vun Autoschauffeuren handelt, well no Opfaassung vum Minister och fir den Trajet bis an d'Stad genuch Alternativen am effentlechen Transport zur Verfügung stinn? Gesäit den Här Minister d'Roll vum Staat doriwwer raus allgemeng doran, d'Bierger zu bestëmmte Forme vun der Mobilitéit ze erzéien?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten